# 2018

D'LËTZEBUERGER REGIERUNG

# SOMMAIRE


D'Chamber zanter 1945 6

D'Formatioun vun der neier Regierung 9

D'Membere vun der Regierung 17

- D'Zesummesetzung vun der Regierung 19
- Xavier Bettel 21
- Étienne Schneider 23
- Félix Braz 25
- Jean Asselborn 27
- Romain Schneider 29
- François Bausch 31
- Pierre Gramegna 33
- Dan Kersch 35
- Claude Meisch 37
- Corinne Cahen 39
- Carole Dieschbourg 41
- Marc Hansen 43
- Claude Turmes 45
- Paulette Lenert 47
- Sam Tanson 49
- Taina Bofferding 51
- Lex Delles 53

# OFFIZIELL FOTO VUN DE MINISTEREN

LEX DELLES SAM TANSON CLAUDE TURMES CAROLE DIESCHBOURG CORINNE CAHEN MARC HANSEN PAULETTE LENERT TAINA BOFFERDING



CLAUDE MEISCH PIERRE GRAMEGNA ROMAIN SCHNEIDER FÉLIX BRAZ XAVIER BETTEL ÉTIENNE SCHNEIDER JEAN ASSELBORN FRANÇOIS BAUSCH DAN KERSCH

# D'CHAMBER ZANTER 1945

## CHAMBERWALEN – UNZUEL VUN DEPUTÉIERTE PRO PARTEI A PRO WAL

| | 1945 | 1948 | 1951 | 1954 | 1959 | 1964 | 1968 | 1974 | 1979 | 1984 | 1989 | 1994 | 1999 | 2004 | 2009 | 2013 | 2018 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **CSV** | 25 | 22 | 21 | 26 | 21 | 22 | 21 | 18 | 24 | 25 | 22 | 21 | 19 | 24 | 26 | 23 | 21 |
| **LSAP** | 11 | 15 | 19 | 17 | 17 | 21 | 18 | 17 | 14 | 21 | 18 | 17 | 13 | 14 | 13 | 13 | 10 |
| **DP** | 9* | 9* | 8** | 6** | 11 | 6 | 11 | 14 | 15 | 14 | 11 | 12 | 15 | 10 | 9 | 13 | 12 |
| **KPL** | 5 | 5 | 4 | 3 | 3 | 5 | 6 | 5 | 2 | 2 | 1 | - | - | - | - | - | - |
| **ADR** | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | 4* | 5** | 7** | 5** | 4 | 3 | 4 |
| **déi gréng** | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | 5 | 5 | 7 | 7 | 6 | 9 |
| **GLEI** | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | 2 | - | - | - | - | - | - |
| **GAP** | - | - | - | - | - | - | - | - | - | 2 | 2 | - | - | - | - | - | - |
| **SDP** | - | - | - | - | - | - | - | 5 | 2 | - | - | - | - | - | - | - | - |
| **Enrôlés de force** | - | - | - | - | - | - | - | - | 1 | - | - | - | - | - | - | - | - |
| **SI** | - | - | - | - | - | - | - | - | 1 | - | - | - | - | - | - | - | - |
| **MIP** | - | - | - | - | - | 2 | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - |
| **PIE** | 1 | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - |
| **déi Lénk** | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | 1 | - | 1 | 2 | 2 |
| **Piraten** | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | 2 |
| **DEMOKRATIE** | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - |
| **déi Konservativ** | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - | - |
| **Total** | **51** | **51** | **52** | **52** | **52** | **56** | **56** | **59** | **59** | **64** | **60** | **60** | **60** | **60** | **60** | **60** | **60** |

## DÉI VERSCHIDDE PARTEIEN

| | |
|---|---|
| **CSV** | Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei |
| **LSAP** | Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei |
| **DP** | Demokratesch Partei – **Groupement démocratique – *Groupement patriotique et démocratique |
| **KPL** | Kommunistesch Partei vu Lëtzebuerg |
| **ADR** | Alternativ Demokratesch Reformpartei – **Aktiounskomitee fir Demokratie a Rentegerechtegkeet – *Aktiounskomitee 5/6 |
| **déi gréng** | déi gréng (Fusioun vu GLEI a GAP) |
| **GLEI** | Gréng Lëscht – Ekologesch Initiativ |
| **GAP** | Gréng Alternativ Partei |
| **SDP** | Sozialdemokratesch Partei (Ofspaltung vun der LSAP) |
| **Enrôlés de force** | Enrôlés de force |
| **SI** | Socialistes indépendants (Ofspaltung vun der LSAP) |
| **MIP** | Mouvement indépendant populaire |
| **PIE** | Parti des indépendants de l'Est |
| **déi Lénk** | déi Lénk (Allianz aus verschiddene lénksgeriichte Bewegungen) |
| **Piraten** | Piraten |
| **DEMOKRATIE** | DEMOKRATIE |
| **déi Konservativ** | déi Konservativ |

# 2018

## D'FORMATIOUN VUN DER NEIER REGIERUNG

De 14. Oktober 2018 waren d'Lëtzebuerger Wieler opgeruff fir déi 60 Deputéierter an d'Chamber ze wielen. Aus dem Walresultat huet sech an der Chamber folgend Sëtzverdeelung erginn:

| | 2018 | 2013 |
|---|---|---|
| CSV | 21 | 23 |
| DP | 12 | 13 |
| LSAP | 10 | 13 |
| déi gréng | 9 | 6 |
| ADR | 4 | 3 |
| déi Lénk | 2 | 2 |
| PIRATEN | 2 | 0 |
| DEMOKRATIE | 0 | / |
| Déi Konservativ | 0 | / |

## Demissioun vun der aler Regierung an Nominatioun vun engem Informateur

15. Oktober 2018

De 15. Oktober, den Dag no de Wale vum 14. Oktober 2018, hu sech d'Membere vun der aler Regierung fir déi lescht Sëtzung vum Regierungsrot zesummegesat.

No däser Sëtzung gouf de Premierminister Xavier Bettel am groussherzogleche Palais vun H.K.A. dem Grossherzog an Audienz empfaangen. Wéi dat den Dag no de Chamberwalen üblech ass, huet de Premierminister dem Staatschef de Récktrëtt vun der Regierung agereecht.

H.K.A. de Groussherzog huet d'Regierung awer gebieden, bis zur Formatioun vun enger neier Regierung am Amt ze bleiwen, an huet se beoptraagt, déi lafend Ugeleeënheete weiderzeféieren.

No der Audienz mam Premierminister Xavier Bettel huet H.K.A. de Groussherzog noeneen de President vun der Chamber Mars Di Bartolomeo, de President vum Staatsrot Georges Wivenes, souwéi d'Presidente vun de politesche Parteien, déi eng Lëscht an de véier Walbezierker presentéiert haten, fir Berodung an Audienz empfaangen.

No dësen Audienzen huet H.K.A. de Groussherzog de Procureur général d'État Martine Solovieff zum Informateur am Kader vun der Formatioun vun der neier Regierung ernannt.

## Nominatioun vun engem Formateur

16. Oktober 2018

De 16. Oktober huet d'Martine Solovieff dem Groussherzog e Rapport iwwert hir Entrevuë mat de Vertrieder vun de wichtegste politesche Parteien iwwerreecht. D'Demokratesch Partei (DP), d'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei (LSAP) an déi gréng hunn hir Intentioun matgedeelt, fir mat Koalitiounsverhandlungen unzefänken.

Doropshin huet H.K.A. de Groussherzog de Xavier Bettel an Audienz invitéiert fir hien zum Formateur ze ernennen.

## Ufank vun de Koalitiounsverhandlungen

17. Oktober 2018

Ab dem 17. Oktober koumen d’Delegatioune vun de Parteien DP, LSAP an déi gréng ënnert dem Virsëtz vum Formateur Xavier Bettel zesummen, fir mat de Koalitiounsverhandlungen unzefänken. Déi éischt Plenière fir d’Koalitiounsverhandlunge war de 17. Oktober am Hôtel des Terres rouges.

Bei dëser Geleeënheet hunn d’Presidente vun de Verhandlungsdelegatioune confirméiert, datt si en eestëmmegt Mandat vun de Féierungsorganer vun hirer respektiver Partei kruten, fir sech an de Koalitiounsverhandlunge fir d’Regierungsbildung z’engagéieren.

D’Funktioun vun der éischter Plenière war haaptsächlech den organisationelle Kader vun de Verhandlungen ze setzen. D’Negociateuren hu sech iwwert d’Formatioun vun 11 Aarbechtsgruppe gëeenegt:

- ëffentlech Finanzen, Besteierung, Entwécklung vun der Finanzplaz (an international Verwécklungen a Brexit);
- Wirtschaft, Aarbecht, Kompetitivitéit, Tourismus, Energie;
- Soziales, Famill, Gesondheet, Chancëgläichheet;
- Bildung, Sport, Kandheet, Jugend, Héichschoul a Fuerschung, Kultur;
- Staat, Institutiounen, Verwaltungsreform, Fonction publique, Dateschutz;
- nohalteg Entwécklung, Klima, Schutz vun de Ressourcen, Konsumenten, Landwirtschaft;
- Logement, Gemengen;
- international a grenziwwerschreidend Politik, Europa, Kooperatioun, Verteidegung, Integratioun, Immigratioun;
- Medien, Digitales, Digitaliséierung;
- Infrastruktur, Raumplanung, Mobilitéit;
- Justiz, bannenzeg Sécherheet.

## Zesummestellung vun den Delegatioune vun den 11 Aarbechtsgruppen

22. Oktober 2018

De Formateur huet d’Ëffentlechkeet doriwwer informéiert, datt déi weider Plenièrë fir d’Koalitiounsverhandlungen am Aussen- an Europaministère stattfanne wäerten. D’Reiefolleg vun de vum Formateur invitéierte Gespréichspartner war déi folgend:

**23. Oktober**

- Tresor
- Finanzinspektioun
- Enregistrement
- Steierdirektioun
- Douane
- Steierverwaltung
- Nationalen Institut fir Statistiken (Statec)
- Aarbechtsinspektioun
- Aarbechtsagence

- Thema „Finanzplaz“: Tresor, Iwwerwaachungskommissioun vum Finanzsecteur, Versécherungskommissariat

**25. Oktober**

- Generalinspektioun vun der Sozialversécherung
- Gesondheetskeess
- Pensiounsversécherungskeess
- Waasserverwaltung
- Ëmweltverwaltung
- Unioun vun de Lëtzebuerger Betriber (Union des entreprises luxembourgeoises - UEL)
- Onofhängege Gewerkschaftsbond Lëtzebuerg (OGBL), Lëtzebuerger Chrëschtleche Gewerkschaftsbond (LCGB), Allgemengen Daachverband fir d’Fonction publique (CGFP)

**26. Oktober**

- Permanente Vertrieder vu Lëtzebuerg bei der EU

**14. November**

- Lëtzebuerger Zentralbank (BCL)
- Nationale Wirtschafts- a Finanzcomité

Déi folgend Reuniounen hunn de 16., 21., 22., 23., 28. an 29. November stattfonnt.

## Stand vun de Koalitiounsverhandlunge

29. November 2018

Während der Pressekonferenz vum 29. November hunn de Formateur Xavier Bettel an d’Cheffe vun den Delegatioune vun der DP, d’Corinne Cahen, der LSAP, den Étienne Schneider, a vun déi gréng, de Félix Braz, den aktuelle Stand vun de Koalitiounsverhandlunge presentéiert.

Déi concernéiert Parteie si sech iwwert déi folgend Opdeelung vun de Ministerressorten eens:

**DP**

- Premierminister, Staatsminister
- Minister fir Mëttelstand
- Kommunikatiouns- a Medieminister
- Kultusminister
- Minister fir Digitaliséierung
- Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend
- Minister fir Héichschoul a Fuerschung
- Ministesch fir Famill an Integratioun
- Finanzminister
- Minister fir d’Fonction publique
- Ministesch fir d’Groussregioun
- Minister fir d’Verwaltungsreform
- Minister fir d’Bezéiung zum Parlament
- Minister fir Tourismus

**LSAP**

- Vizepremierminister
- Aussen- an Europaminister
- Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung
- Ministesch fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten
- Wirtschaftsminister
- Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer
- Minister fir Immigratioun an Asyl
- Inneministesch
- Ministesch fir Konsumenteschutz
- Gesondheetsminister
- Minister fir sozial Sécherheet
- Sportsminister
- Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft

**déi gréng**

- Vizepremierminister
- Minister fir Landesplanung
- Kulturministesch
- Verdeedegungsminister
- Minister fir Energie
- Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung
- Justizminister
- Wunnengsbauministesch
- Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
- Minister fir bannenzeg Sécherheet

## Ënnerzeechnung vum Koalitiounsaccord

3. Dezember 2018

Den 3. Dezember, no der leschter Plenière, hunn de Formateur Xavier Bettel an d'Delegatiounscheffe Corinne Cahen, Étienne Schneider a Félix Braz de Koalitiounsaccord tëschent deenen dräi Parteie während engem Pressebriefing ënnerschriwwen.

## Accord vun deenen dräi Parteien

4. Dezember 2018

De 4. Dezember ass de Koalitiounsaccord souwéi d'Opdeelung vun de Ministerressorte vun den Organer vun der DP, der LSAP a vun déi gréng ugeholl ginn.

## Vereedegung vun der neier Regierung

5. Dezember 2018

H.K.A. de Groussherzog huet de 5. Dezember 2018 de Premierminister, d'Vizepremierministeren an déi désignéiert Ministeren assermentéiert. Am Ufank vun der Zeremonie huet de Staatschef d'groussherzoglech Arrêtéen iwwert d'Formatioun vun der neier Regierung ënnerschriwwen. Duerno huet de Premierminister, an uschléissend och déi aner Regierungsmemberen hiren Eed geleescht, deen am Artikel 110 vun der Verfassung virgesinn ass: „Ech schwieren, dem Groussherzog trei ze

bleiwen an d'Verfassung an d'Gesetz ze respektéieren. Ech verspriechen, meng Funktioune mat Éierbarkeet, Genauegkeet an Onparteieschkeet ze erfëllen". (Original: „Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'État. Je promets de remplir mes fonctions avec intégrité, exactitude et impartialité".)

**D'Regierungsmemberen an der festgeluechter Reiefolleg**

D'Ressorte vun de Ministere goufe folgendermoosse verdeelt:

- Xavier Bettel
  Premierminister, Staatsminister; Kommunikatiouns- a Medieminister; Kultusminister; Minister fir Digitaliséierung; Minister fir d'Verwaltungsreform
- Étienne Schneider
  Vizepremierminister; Wirtschaftsminister; Gesondheetsminister
- Félix Braz
  Vizepremierminister; Justizminister
- Jean Asselborn
  Aussen- an Europaminister; Minister fir Immigratioun an Asyl
- Romain Schneider
  Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung; Minister fir sozial Sécherheet
- François Bausch
  Verdeedegungsminister; Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten; Minister fir bannenzeg Sécherheet
- Pierre Gramegna
  Finanzminister
- Dan Kersch
  Sportsminister; Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft
- Claude Meisch
  Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend; Minister fir Héichschoul a Fuerschung
- Corinne Cahen
  Ministesch fir Famill an Integratioun; Ministesch fir d'Groussregioun
- Carole Dieschbourg
  Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung
- Marc Hansen
  Minister fir d'Fonction publique; Minister fir d'Bezéiung zum Parlament; Delegéierte Minister fir Digitaliséierung; Delegéierte Minister fir d'Verwaltungsreform
- Claude Turmes
  Minister fir Energie; Minister fir Landesplanung
- Paulette Lenert
  Ministesch fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten; Ministesch fir Konsumenteschutz
- Sam Tanson
  Kulturministesch; Wunnengsbauministesch
- Taina Bofferding
  Inneministesch; Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer
- Lex Delles
  Minister fir Mëttelstand; Minister fir Tourismus

**Ministèren**

D'Denominatioune vun de Ministèrë sinn déi folgend:

- Staatsministère
- Aussen- an Europaministère
- Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung
- Kulturministère
- Ministère fir Digitaliséierung
- Wirtschaftsministère
- Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend
- Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer
- Ministère fir Energie a Landesplanung
- Ministère fir Héichschoul a Fuerschung
- Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung
- Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun
- Finanzministère
- Ministère fir d'Fonction publique
- Inneministère
- Justizministère
- Wunnengsbauministère
- Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
- Ministère fir Konsumenteschutz
- Gesondheetsministère
- Ministère fir bannenzeg Sécherheet
- Ministère fir sozial Sécherheet
- Sportsministère
- Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft

## Presentatioun vum Regierungsprogramm

11. Dezember 2018

Den 11. Dezember huet de Premierminister Xavier Bettel de Regierungsprogramm an der Chamber presentéiert. Den Debat iwwert de Regierungsprogramm war den 12. Dezember 2018 an der Chamber.

# 2018

D'MEMBERE VUN DER REGIERUNG

## D'ZESUMMESETZUNG VUN DER REGIERUNG

### XAVIER BETTEL — DP

- Premierminister
- Staatsminister
- Kommunikatiouns- a Medieminister
- Kultusminister
- Minister fir Digitaliséierung
- Minister fir d'Verwaltungsreform

### ÉTIENNE SCHNEIDER — LSAP

- Vizepremierminister
- Wirtschaftsminister
- Gesondheetsminister

### FÉLIX BRAZ — DÉI GRÉNG

- Vizepremierminister
- Justizminister

### JEAN ASSELBORN — LSAP

- Aussen- an Europaminister
- Minister fir Immigratioun an Asyl

### ROMAIN SCHNEIDER — LSAP

- Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung
- Minister fir sozial Sécherheet

### FRANÇOIS BAUSCH — DÉI GRÉNG

- Verdeedegungsminister
- Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
- Minister fir bannenzeg Sécherheet

### PIERRE GRAMEGNA — DP

- Finanzminister

### DAN KERSCH — LSAP

- Sportsminister
- Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft

### CLAUDE MEISCH — DP

- Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend
- Minister fir Héichschoul a Fuerschung

## CORINNE CAHEN DP

- Ministesch fir Famill an Integratioun
- Ministesch fir d'Groussregioun

## CAROLE DIESCHBOURG DÉI GRÉNG

- Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung

## MARC HANSEN DP

- Minister fir d'Fonction publique
- Minister fir d'Bezéiung zum Parlament
- Delegéierte Minister fir Digitaliséierung
- Delegéierte Minister fir d'Verwaltungsreform

## CLAUDE TURMES DÉI GRÉNG

- Minister fir Energie
- Minister fir Landesplanung

## PAULETTE LENERT LSAP

- Ministesch fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten
- Ministesch fir Konsumenteschutz

## SAM TANSON DÉI GRÉNG

- Kulturministesch
- Wunnengsbauministesch

## TAINA BOFFERDING LSAP

- Inneministesch
- Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer

## LEX DELLES DP

- Minister fir Mëttelstand
- Minister fir Tourismus

# XAVIER BETTEL

- **PREMIERMINISTER**
- **STAATSMINISTER**
- **KOMMUNIKATIOUNS- A MEDIEMINISTER**
- **KULTUSMINISTER**
- **MINISTER FIR DIGITALISÉIERUNG**
- **MINISTER FIR D'VERWALTUNGSREFORM**



De Xavier Bettel ass den 3. Mäerz 1973 an der Stad Lëtzebuerg gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

Nom Lycée geet de Xavier Bettel op d'Universitéit zu Nanzeg studéieren, wou hie fir d'éischt eng Maîtrise am ëffentlechen an europäeschen Droit an duerno en DEA (diplôme d'études approfondies) an de Politikwëssenschaften an am Droit public op der Droitsfakultéit mécht.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 gëtt de Xavier Bettel de 4. Dezember 2013 zum Premierminister, Staatsminister, Kommunikatiouns- a Medieminister a Kultusminister an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt. Nom Récktrëtt vun der Ministesch Maggy Nagel aus der Regierung gëtt de Xavier Bettel den 18. Dezember 2015 dann zum Kulturminister ernannt.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt de Xavier Bettel de 5. Dezember 2018 zum Premierminister, Staatsminister, Kommunikatiouns- a Medieminister, Kultusminister, Minister fir Digitaliséierung a Minister fir d'Verwaltungsreform an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Member vun der DP säit 1989, gëtt de Xavier Bettel 1999, am Alter vu 26 Joer, als DP-Kandidat fir d'éischte Kéier an d'Chamber gewielt. 2004, 2009 an 2013 gëtt hien dann erëmgewielt. Am Parlament iwwerhëlt hien ënner anerem d'Funktiounen als Vizepresident vun der Justizkommissioun vun 2004 bis 2013 an als Vizepresident vun der Enquêtëkommissioun zum Geheimdéngscht vun 2012 bis 2013. Vun 2009 bis 2011 ass hie President vun der DP-Fraktioun.

···▸

**Staatsministère**
4, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82100
Fax: (+352) 46 17 20
Site: me.gouvernement.lu

**Staatsministère**
Departement fir Medien an Telekommunikatioun
Maison de Cassal
5, rue Large
L-1917 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-86710
Fax: (+352) 47 56 62
Site: smc.gouvernement.lu

**Staatsministère**
Departement fir de Kultus
4, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82100
Fax: (+352) 46 17 20
Site: me.gouvernement.lu

**Ministère fir Digitaliséierung**
52, avenue de la gare
L-1610 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-72100
Site: digital.gouvernement.lu

Op regionalem Niveau ass de Xavier Bettel fir d'éischt Member vum Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg vun 2000 bis 2005 an da Schäffe vun 2005 bis 2011. No de Gemengewale vun 2011 gëtt hie Buergermeeschter; e Posten, op deem hie bis zu senger Nominatioun als Premierminister, am Dezember 2013, bleift.

Vu Januar 2013 bis November 2015 ass de Xavier Bettel President vun der DP.

## BERUFFSTÄTEGKEET

Vun 2001 bis 2013 ass de Xavier Bettel Affekot um Barreau vu Lëtzebuerg.

# ÉTIENNE SCHNEIDER

- **VIZEPREMIERMINISTER**
- **WIRTSCHAFTSMINISTER**
- **GESONDHEETSMINISTER**



**Wirtschaftsministère**
19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-84137
Fax: (+352) 46 04 48
Site: meco.gouvernement.lu

**Gesondheetsministère**
Allée Marconi – Villa Louvigny
L-2120 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-85500
Fax: (+352) 46 79 63
Site: msan.gouvernement.lu

Den Étienne Schneider ass den 29. Januar 1971 zu Diddeleng gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

No sengem Secondairesstudium am Lycée technique Nic. Biever zu Diddeleng an am Lycée technique zu Esch-Uelzecht studéiert den Étienne Schneider am Institut catholique des hautes études commerciales (ICHEC) zu Bréissel an op der Greenwich University zu London, wou hien 1995 eng Lizenz an Handels- a Finanzwëssenschafte mécht.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

Den Étienne Schneider trëtt am Februar 2012 als Minister fir Ekonomie an Aussenhandel an d'Koalitiounsregierung aus CSV an LSAP an.

No de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 gëtt den Étienne Schneider de 4. Dezember 2013 zum Vizepremierminister, Wirtschaftsminister, Minister fir bannenzeg Sécherheet a Verteidegungsminister an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt den Étienne Schneider de 5. Dezember 2018 zum Vizepremierminister, Wirtschaftsminister a Gesondheetsminister an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Säit 1991 an der LSAP, ass den Étienne Schneider vun 1995 bis 2005 Member vum Gemengerot zu Keel. No de Gemengewale vun 2005 gëtt hien Éischte Schäffe a behält dës Funktioun bis 2010.

Vun 1997 bis 2004 ass hie Generalsekretär vun der LSAP-Fraktioun an der Chamber.

## BERUFFSTÄTEGKEET

Vun 1995 bis 1996 ass den Étienne Schneider wëssenschaftlechen Assistent am Europaparlament zu Bréissel.

Vun 1996 bis 1997 ass hien als Ekonomist bei der LSAP-Fraktioun an der Chamber täteg.

···▸

1997 schafft hien als Chargé de mission bei der Organisatioun vum Nordatlantiktraité (NATO) zu Bréissel.

2004 gëtt den Étienne Schneider Regierungsconseiller am Ministère fir Ekonomie an Aussenhandel, wou hie virun allem fir d'Direktioune fir Energie, elektroneschen Handel an Datesécherheet zoustänneg ass.

2009 gëtt hien Éischte Regierungsconseiller an ass fir d'Direktiounen Entwécklung vun der Ekonomie, Infrastrukturen an Energie um Ministère fir Ekonomie an Aussenhandel zoustänneg. 2011 ass hie fir d'Generaldirektioun Entwécklung vun der Ekonomie, Industrie an Entreprisë verantwortlech.

Op Virschlag vun der Regierung, an opgrond vu senge Funktiounen am Ministère fir Ekonomie an Aussenhandel, ass den Étienne Schneider Verwaltungsrotsmember vu verschiddene Gesellschaften. 2005 ass hien zum Beispill President an delegéierte Verwalter bei der Société électrique de l'Our (SEO). Nodeems hien d'Verhandlungen, déi 2010 zu der Grënnung vun der Firma Enovos gefouert hunn, geleet huet, gëtt den Étienne Schneider, deen zanter 2004 President vum Verwaltungsrot vu Cegedel SA ass, President vum Verwaltungsrot vun Enovos International SA an Enovos Deutschland AG. Ausserdeem gëtt hien 2010 President an delegéierte Verwalter vun der Netzgesellschaft Creos.

Enn 2010 gëtt hien da Vizepresident vun der Société nationale de crédit et d'investissement (SNCI).

Den Étienne Schneider ass am Februar 2012, wéi hien zum Minister ernannt gouf, vun all dëse Funktiounen zeréckgetrueden.

# FÉLIX BRAZ

- **VIZEPREMIERMINISTER**
- **JUSTIZMINISTER**



**Justizministère**
Centre administratif Pierre Werner
13, rue Érasme
L-1468 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Site: mjust.gouvernement.lu

De Félix Braz ass de 16. Mäerz 1966 zu Déifferdeng gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

No engem Secondairesstudium am Classique studéiert de Félix Braz Droit op der Universitéit Paris 1 Panthéon-Sorbonne. Nodeems hien dat éischte Joer packt, brécht hie säi Studium of.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 trëtt de Félix Braz de 4. Dezember 2013 als Justizminister an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt de Félix Braz de 5. Dezember 2018 zum Vizepremierminister a Justizminister an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Zanter 1991 an der Politik engagéiert, ass de Félix Braz fir d'éischt Fraktiounssekretär vun déi gréng, éier hien 2004, am Alter vun 38 Joer, op der Lëscht vun déi gréng als Deputéierte vum Bezierk Süden fir d'éischte Kéier an d'Chamber gewielt gëtt. 2009 an 2013 gëtt hien dann erëm gewielt. Am Parlament iwwerhëlt hien ënner anerem d'Funktioun als Vizepresident vun der Transportskommissioun vun 2004 bis 2009. No de Wale vum 20. Oktober 2013 gëtt hie Fraktiounspresident vun déi gréng an der Chamber.

Als Deputéierten huet hien d'Chamber an der parlamentarescher Assemblée vum Europarot, an der parlamentarescher Assemblée vun der Organisatioun fir Sécherheet an Zesummenaarbecht an Europa (OSCE), an der Welthandelsorganisatioun (OMC), am Konsultativen Interparlamentaresche Rot vum Benelux, op der Konferenz vun de parlamentaresche spezialiséierten Organer fir EU-Politik (COSAC) an op der Interparlamentarescher Konferenz fir gemeinsam Auslands- a Sécherheetspolitik (PESC) a fir gemeinsam Sécherheets- a Verteidegungspolitik (PSDC) vertrueden.

Op regionalem Niveau ass de Félix Braz fir d'éischt Member vum Gemengerot vun Esch-Uelzecht vun 1995 bis 2000 an duerno Schäffe vun 2000 bis 2011.

…▸

## BERUFFSTÄTEGKEET

1990 ass de Félix Braz Chefredakter a Spriecher an enger deeglecher Radiossendung op Portugisesch fir RTL Radio Lëtzebuerg.

Vun 1991 bis 2001 ass hie Fraktiounssekretär vun déi gréng. 1994 ass hien zousätzlech zu dëser Funktioun nach Assistent am Europaparlament.

2013 schafft hien als Associé eng Firma, aus där hien awer eraustrëtt wéi e seng Funktioun als Justizminister untrëtt.

# JEAN ASSELBORN

- **AUSSEN- AN EUROPAMINISTER**
- **MINISTER FIR IMMIGRATIOUN AN ASYL**

De Jean Asselborn ass de 27. Abrëll 1949 zu Stengefort gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

Nodeems hie mat 18 Joer aus der Schoul erausgaangen ass, hëlt de Jean Asselborn 1976 säi Studium erëm op, andeems hien an Owescourse geet. Dat selwecht Joer nach packt hie seng Première am Stater Kolléisch.

Am Oktober 1981 mécht de Jean Asselborn eng Maîtrise am Droit judiciaire privé zu Nanzeg op der Universitéit Nancy II.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 13. Juni 2004 trëtt de Jean Asselborn den 31. Juli 2004 als Vizepremierminister, Ausseminister a Minister fir Immigratioun an d'Regierung an.

No de Chamberwale vum 7. Juni 2009, bei deenen d'Koalitiounsregierung aus CSV an LSAP erëm gewielt gouf, behält de Jean Asselborn den 23. Juli 2009 seng Funktiounen als Vizepremierminister an Ausseminister.

Ënner sengem Impuls gëtt Lëtzebuerg am Oktober 2012 fir déi éischte Kéier fir en net-permanente Sëtz an den UNO-Sécherheetsrot fir d'Joren 2013 an 2014 gewielt.

No de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 gëtt de Jean Asselborn de 4. Dezember 2013 zum Aussen- an Europaminister an zum Minister fir Immigratioun an Asyl an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt de Jean Asselborn de 5. Dezember 2018 zum Aussen- an Europaminister a zum Minister fir Immigratioun an Asyl an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

Zanter Juli 2004 representéiert de Jean Asselborn d'lëtzebuergesch Regierung am EU-Ministerrot an de Rotsformatioune „Auswäerteg Ugeleeënheeten" an „Allgemeng Ugeleeënheeten". Haut ass de Jean Asselborn Doyen vun den EU-Ausseministeren.

···▸



**Aussen- an Europaministère**
9, rue du Palais de Justice
L-1841 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82300
Site: maee.gouvernement.lu

**Aussen- an Europaministère**
Direktioun fir Immigratioun
26, route d'Arlon
L-1140 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-84040
Site: maee.gouvernement.lu

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

De Jean Asselborn ass Member vun der LSAP zanter 1972 a Buergermeeschter vun der Gemeng Stengefort vun 1982 bis 2004.

Op nationalem Niveau gëtt de Jean Asselborn als Deputéierte vum Bezierk Süden 1984 fir d'éischte Kéier op der Lëscht vun der LSAP an d'Chamber gewielt, a behält säi Sëtz bis 2004. Hien ass Fraktiounspresident vun der LSAP an der Chamber vun 1989 bis 1997 a Vizepresident vun der Chamber vun 1999 bis 2004.

De Jean Asselborn ass ausserdeem Parteipresident vun der LSAP vun 1997 bis 2004.

Parallel zu sengem Deputéiertemandat an der Chamber ass de Jean Asselborn och Member vum Europäesche Comité vun de Regioune vun 1999 bis 2004.

Ausserdeem iwwerhëlt hie vun 2000 bis 2004 och d'Funktioun als Vizepresident vun der Europäescher Sozialistescher Partei.

## BERUFFSTÄTEGKEET

1967 fänkt de Jean Asselborn un am Laboratoire vum Pneueproduzent Uniroyal ze schaffen. Zu där Zäit engagéiert hie sech och aktiv an der Gewerkschaftsbeweegung a gëtt als Vertrieder vun der Jugendsektioun vum Lëtzebuerger Aarbechterverband gewielt, Virgänger vum haitegen OGBL.

1968 gëtt de Jean Asselborn Gemengebeamte vun der Stad Lëtzebuerg, mä kënnt 1969 zeréck op Stengefort, fir do e Posten als Beamten ze iwwerhuelen.

No senger Première gëtt de Jean Asselborn 1976 Verwalter vum Stengeforter Spidol a bleift bis 2004 op deem Posten.

## AUSZEECHNUNGEN

Am Dezember 2010 kritt de Jean Asselborn d'Grousskräiz vum Verdéngschtuerden (Großkreuz des Verdienstordens) vun der Bundesrepublik Däitschland.

Am Oktober 2013 gëtt hie vun der franséischer Légion d'honneur zum Commandeur promouvéiert.

# ROMAIN SCHNEIDER

- **MINISTER FIR LANDWIRTSCHAFT, WÄIBAU A LÄNDLECH ENTWÉCKLUNG**
- **MINISTER FIR SOZIAL SÉCHERHEET**




**Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung**
1, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82500
Fax: (+352) 46 40 27
Site: ma.gouvernement.lu

**Ministère fir sozial Sécherheet**
26, rue Sainte-Zithe
L-2763 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-86311
Fax: (+352) 247-86328
Site: mss.gouvernement.lu


De Romain Schneider ass de 15. Abréll 1962 zu Wolz gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

De Romain Schneider mécht säi Studium am Lycée du Nord zu Wolz.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 7. Juni 2009 trëtt de Romain Schneider den 23. Juli 2009 als Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, Sportsminister an delegéierte Minister fir solidaresch Ekonomie an d'Koalitiounsregierung aus CSV an LSAP an.

Bei de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 gëtt de Romain Schneider de 4. Dezember 2013 zum Minister fir sozial Sécherheet, Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten a Sportsminister an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt de Romain Schneider de 5. Dezember 2018 zum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a Minister fir sozial Sécherheet an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Member vun der LSAP säit 1981, ass de Romain Schneider den LSAP-Generalsekretär vun 2004 bis 2009.

Op regionalem Niveau ass de Romain Schneider fir d'éischt Member vum Gemengerot vu Wolz vun 1994 bis 1999 an duerno Buergermeeschter vun 2000 bis 2009 – e Posten, op deem hie bis zu senger Nominatioun als Minister am Juli 2009 bleift.

2004 op der Lëscht vun der LSAP vum Bezierk Norden als Deputéierten an d'Chamber gewielt, beschäftegt sech de Romain Schneider haaptsächlech mat de Beräicher Aarbecht, Ëmwelt, Landwirtschaft, Gesondheet a sozial Sécherheet. 2009 an 2013 gëtt hien dann als Deputéierten erëm gewielt.

···▸

## BERUFFSTÄTEGKEET

Éier hien am Juli 2004 Deputéierte gëtt, schafft de Romain Schneider vun 1980 un als Fonctionnaire bei der Administration de l'emploi (ADEM, zanterhier ëmbenannt an „Agence pour le développement de l'emploi") a vun 1989 un als Responsabele vun der Agence Wolz vun der ADEM.

# FRANÇOIS BAUSCH

- **VERDEEDEGUNGSMINISTER**
- **MINISTER FIR MOBILITÉIT AN ËFFENTLECH AARBECHTEN**
- **MINISTER FIR BANNENZEG SÉCHERHEET**



De François Bausch ass de 16. Oktober 1956 an der Stad Lëtzebuerg gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

Säi Secondairesstudium mécht de François Bausch am Jongelycée zu Esch-Uelzecht.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 trëtt de François Bausch de 4. Dezember 2013 als Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastruktur an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt de François Bausch de 5. Dezember 2018 zum Verdeedegungsminister, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a Minister fir bannenzeg Sécherheet an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Member vun déi gréng zanter 1986, gëtt de François Bausch 1989 op der Lëscht vun déi gréng fir d'éischte Kéier, als Deputéierte vum Bezierk Zentrum, an d'Chamber gewielt, a behält säi Sëtz bis 1992. Vun 1994 bis 2013 gëtt hien dann erëm als Deputéierte gewielt. Hien ass ënner anerem President vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun vum Geheimdéngscht vun 2009 bis 2013. Ausserdeem ass hie vun 1999 bis 2013 Fraktiounspresident vun deene Gréngen an der Chamber.

Op regionalem Niveau ass de François Bausch fir d'éischt Member vum Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg vun 1994 bis 2005 an duerno éischte Schäffe vun 2005 bis 2013.

## BERUFFSTÄTEGKEET

Viru senger politescher Carrière schafft de François Bausch bei der CFL.

**Aussen- an Europaministère**
Direktioun fir Verdeedegung
6, rue de l'ancien Athénée
L-1144 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82800
Fax: (+352) 46 26 82
Site: defense.gouvernement.lu

**Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten**
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82478
Fax: (+352) 46 27 09
Site: mmtp.gouvernement.lu

**Ministère fir bannenzeg Sécherheet**
19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-84659
Fax: (+352) 22 72 76
Site: msi.gouvernement.lu

# PIERRE GRAMEGNA

## FINANZMINISTER



**Finanzministère**
3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82600
Fax: (+352) 47 52 41
Site: mfin.gouvernement.lu

De Pierre Gramegna ass den 22. Abréll 1958 zu Esch-Uelzecht gebuer.

### STUDIUM AN AUSBILDUNG

No senger Première am Escher Jongelycée (Sektioun Mathematik Latäin) studéiert de Pierre Gramegna Droit an Ekonomie op der Universitéit Panthéon-Assas (Paris II), wou hien 1981 eng Maîtrise am Zivilrecht an 1982 eng Lizenz an de Wirtschaftswëssenschafte mécht. Hie schléisst seng postuniversitär Studie mat engem DEA (Diplôme d'études approfondies) am Droit communautaire of. Hien huet en Éierendokter-Titel vun der Sacred Heart University of Luxembourg.

### REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt de Pierre Gramegna de 5. Dezember 2018 zum Finanzminister an der Koalitiounsregierung vun DP, LSAP an déi gréng erëmernannt.

No de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 war de Pierre Gramegna de 4. Dezember 2013 fir d'éischt an d'Regierung agetrueden.

Als Finanzminister huet de Pierre Gramegna ëmfaassend Reformen agefouert, fir de Staatsbudget auszegläichen a fir d'Lëtzebuerger Steiervirschrëften un international Transparenzstandarden unzepassen. Duerch dës Beméiunge krut Lëtzebuerg ëmmer nees vun alle grousse Ratingsagencë säin AAA-Rating bestätegt a gouf 2015 beim Global Forum on Transparency and Exchange of Information for Tax Purposes op de Niveau „largely compliant" opgewäert. Doriwwer eraus huet de Pierre Gramegna 2014 de Lëtzebuerger Staatsfong zu Gonschte vun zukünftege Generatioune gegrënnt.

De Pierre Gramegna ënnerstëtzt och d'Diversifizéierung vum Lëtzebuerger Finanzsecteur, besonnesch am Hibléck op FinTech an nohalteg Finanzen. Hien ass Begrënner a President vun der LHoFT-Fondatioun, déi d'Luxembourg House of Financial Technology bedreift. Ausserdeem huet hien déi bilateral Bezéiungen zum chinesesche Finanzsecteur weider ausgebaut, a säit hien am Amt ass, hu véier zousätzlech chinesesch Banke Lëtzebuerg zu hirem EU-Sëtz gemaach.

Während der Lëtzebuerger EU-Presidence (zweet Halschent 2015) huet de Pierre Gramegna als President vum EU-Ministerrot fir Wirtschaft a Finanzen aktiv dozou

…▸

bäigedroen, fir richtungsweisend Accorden ze erreechen, wat engersäits d'Aféierung vum automateschen EU-wäiten Austausch vun Informatiounen iwwer verbindlech Steiervirbescheeder (*tax rulings*), an anerersäits déi sougenannte Verbréiwungen (*securitisations*) betrëfft.

De Pierre Gramegna leet och besonnesche Wäert op d'Roll vu Lëtzebuerg bei multilateralen Entwécklungsbanken. 2014 gouf Lëtzebuerg Member bei der Afrikanescher Entwécklungsbank (African Development Bank), an 2015 ass Lëtzebuerg als éischt net-asiatescht Land der Asiatescher Infrastrukturinvestmentbank (Asian Infrastructure Investment Bank, AIIB) bäigetrueden. Am Mee 2016 gouf de Pierre Gramegna fir ee Joer zum President vum Gouverneursrot vun der Europäescher Bank fir Neiopbau an Entwécklung (European Bank for Reconstruction and Development) gewielt. Doriwwer eraus sëtzt hien am Gouverneursrot vun der Europäescher Investitiounsbank (European Investment Bank, EIB) a vum Europäesche Stabilitéitsmechanismus (European Stability Mechanism, ESM). Ausserdeem vertrëtt hie Lëtzebuerg als Gouverneur beim Internationale Währungsfong (International Monetary Fund, IMF), bei der Weltbank a bei der Asiatescher Entwécklungsbank (Asian Development Bank).



## BERUFFSTÄTEGKEET

De Pierre Gramegna gëtt 1983 Beruffsdiplomat am Ausseministère. 1988 gëtt hien da Conseiller fir politesch a wirtschaftlech Ugeleeënheete bei der Lëtzebuergescher Ambassade zu Paräis, wat hie véier Joer laang bleift, bis hien zum Generalkonsul an Direkter vum Board of Economic Development zu San Francisco ernannt gëtt.

Vun 1996 bis 2002 ass de Pierre Gramegna Ambassadeur vu Lëtzebuerg a Japan an a Südkorea. Duerno schafft hie während engem Joer als Direkter vun den internationale Wirtschaftsbezéiungen am Ausseministère.

2003 hëlt de Pierre Gramegna de Poste vum Generaldirekter vun der Handelskummer (Chambre de Commerce) un; e Posten, op deem hie bis zu senger Nominatioun als Minister, am Dezember 2013, bleift.

Éier de Pierre Gramegna an d'Regierung trëtt, war hie Verwaltungsrotsmember vu verschiddene Gesellschaften, wéi zum Beispill bei der Cargolux Airlines International SA (als President vun 2004 bis 2008), der Bourse de Luxembourg (Luxembourg Stock Exchange), der LuxExpo Luxembourg an der BGL BNP Paribas Luxembourg SA. Ausserdeem war hien och a ville konsultative Kommissiounen aktiv, wéi zum Beispill am konsultative Comité fir den Aussenhandel (Comité consultatif du commerce extérieur), am Comité fir Wirtschaftsentwécklung (Comité de développement économique) an am nationale Comité fir d'Férderung vum Entrepreneursgeescht (Comité national pour la promotion de l'esprit d'entreprise).

# DAN KERSCH

- **SPORTSMINISTER**
- **MINISTER FIR AARBECHT A BESCHÄFTEGUNG A FIR SOZIAL- A SOLIDARWIRTSCHAFT**

Den Dan Kersch ass de 27. Dezember 1961 zu Esch-Uelzecht gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

Den Dan Kersch kritt säi Secondairesdiplom 1991, nodeems hien Owescoursen a Ferncourse beluecht huet.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 trëtt den Dan Kersch de 4. Dezember 2013 als Inneminister a Minister fir d'Fonction publique an d'Verwaltungsreform an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt den Dan Kersch de 5. Dezember 2018 zum Sportsminister a Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

An der LSAP säit 1991, ass den Dan Kersch fir d'éischt Member vum Gemengerot vu Monnerech vun 2000 bis 2005 an duerno Buergermeeschter vun 2006 bis 2013. Op dësem Poste bleift hie bis zu senger Nominatioun als Minister am Dezember 2013.

Vun 2009 bis 2012 ass den Dan Kersch President vum Syvicol (Syndicat vun de lëtzebuergesche Stied a Gemengen).

Vun 2011 bis 2013 ass hie Member vum Staatsrot.

## BERUFFSTÄTEGKEET

Viru senger Nominatioun an d'Regierung war den Dan Kersch Fonctionnaire bei der Gemengeverwaltung vu Beetebuerg.




**Sportsministère**
66, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-83400
Fax: (+352) 247-83440
Site: msp.gouvernement.lu

**Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft**
26, rue Sainte-Zithe
L-2763 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-86100
Fax: (+352) 247-86108
Site: mteess.gouvernement.lu

# CLAUDE MEISCH

- **MINISTER FIR EDUCATIOUN, KANNER A JUGEND**
- **MINISTER FIR HÉICHSCHOUL A FUERSCHUNG**



De Claude Meisch ass de 27. November 1971 zu Péiteng gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

No sengem Ofschlossdiplom vun der 13e technique générale an der Section générale am Lycée technique Mathias Adam zu Rolleng studéiert de Claude Meisch op der Universitéit Tréier, wou hien 1998 en Diplom a Wirtschaftsmathematik mécht.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

Bei de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 trëtt de Claude Meisch de 4. Dezember 2013 als Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, an als Minister fir Héichschoul a Fuerschung an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt de Claude Meisch de 5. Dezember 2018 zum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Member vun der DP säit 1994, gëtt de Claude Meisch 1999 op der Lëscht vun der DP als Deputéierte vum Bezierk Süde fir d'éischte Kéier an d'Chamber gewielt. 2004, 2009 an 2013 gëtt hien dann erëmgewielt. An der Chamber ass hien ënner anerem vun 2009 bis 2013 Vize-president vun der Finanz- a Budgetskommissioun, a vun 2004 bis 2006 a vun 2009 bis 2013 Vizepresident vun der Kommissioun fir Famill, Jugend a Chancëgläichheet.

Op regionalem Niveau ass de Claude Meisch fir d'éischt Schäffen an der Gemeng Déifferdeng vun 2000 bis 2002 an duerno Buergermeeschter vun 2002 bis 2013. Hie bleift bis zu senger Nominatioun als Minister op dësem Posten.

Vun 2004 bis 2013 ass de Claude Meisch President vun der DP.

···▶

**Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend**
29, rue Aldringen
L-1118 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-85151
Fax: (+352) 247-85113
Site: menej.gouvernement.lu

**Ministère fir Héichschoul a Fuerschung**
18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-86619
Fax: (+352) 26 29 60 37
Site: mesr.gouvernement.lu

## BERUFFSTÄTEGKEET

Vun 1999 bis 2013 schafft de Claude Meisch bei der Banque de Luxembourg.

Vun 2005 bis 2013 ass hie President vum interkommunale Syndicat vum Spidol Princesse Marie-Astrid zu Nidderkuer, a vun 2008 bis 2013 Member vum Verwaltungsrot vum Centre hospitalier Émile Mayrisch (CHEM).

# CORINNE CAHEN

- **MINISTESCH FIR FAMILL AN INTEGRATIOUN**
- **MINISTESCH FIR D'GROUSSREGIOUN**



**Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun**
12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-86500
Fax: (+352) 247-86570
Site: mfamigr.gouvernement.lu

D'Corinne Cahen ass de 16. Mee 1973 zu Lëtzebuerg gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

No hirem Secondairesstudium am Stater Kolléisch studéiert d'Corinne Cahen vun 1992 bis 1995 op der Université des sciences humaines zu Stroossbuerg, wou si eng Lizenz an ugewannte Friemsproochen (Fachiwwersetzung) mécht, an duerno, vun 1995 bis 1996, op der Universitéit Sophia Antipolis zu Nice, wou si eng Maîtrise an ugewannte Friemsproochen, Sektioun Geschäfts- an Handelswiesen, mécht. 1997 ergänzt si hiren Universitéitsstudium mat engem DESS (diplôme d'études supérieures spécialisées) am zweesproochege Journalismus (franséisch-englesch) op der Université Sorbonne Nouvelle – Paris 3.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

Bei de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 gëtt d'Corinne Cahen als Deputéiert gewielt. Si trëtt de 4. Dezember 2013 als Ministesch fir Famill an Integratioun an als Ministesch fir d'Groussregioun an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt d'Corinne Cahen de 5. Dezember 2018 zur Ministesch fir Famill an Integratioun an zur Ministesch fir d'Groussregioun an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Zanter November 2015 ass d'Corinne Cahen Presidentin vun der DP.

## BERUFFSTÄTEGKEET

Am Kader vun hirem Studium sammelt d'Corinne Cahen berufflech Erfarung als Journalistin, ënner anerem bei RTL Hei Elei Kuck Elei (haut RTL Télé Lëtzebuerg), beim Eldoradio, beim regionale Radiosender Nice-Côte d'Azur, bei Radio France Internationale a bei der Agence France-Presse.

...▸


Vun 1995 bis 2001 schafft si bei RTL Radio Lëtzebuerg, fir d'éischt als Frankräich-Korrespondentin an de Beräicher Politik, Ekonomie, Droit, Soziales a Sport, dunn zu Lëtzebuerg als Presentatrice a Reporterin an de Beräicher Politik, Ekonomie a Soziales.

Vun 2001 bis 2004 schafft si als fräiberufflech Journalistin bei RTL Radio an Télé Lëtzebuerg.

Vun 2001 bis 2013 ass d'Corinne Cahen Gerante vun engem Schonggeschäft zu Lëtzebuerg, vun 2008 bis 2012 Presidentin vum Stater Geschäftsverband (UCVL) a vun 2009 bis 2013 Membre élu vun der Chambre de commerce.

# CAROLE DIESCHBOURG

**MINISTESCH FIR ËMWELT, KLIMA AN NOHALTEG ENTWÉCKLUNG**



**Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung**
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-86824
Fax: (+352) 40 04 10
Site: mecdd.gouvernement.lu

D'Carole Dieschbourg ass den 3. Oktober 1977 zu Ettelbréck gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

No hirem Secondairesstudium am Lycée classique zu Iechternach vun 1990 bis 1997 studéiert d'Carole Dieschbourg Geschicht a Germanistik op der Universitéit zu Tréier vun 1997 bis 2005, wou si 2005 dann e Master of Arts mécht.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

Bei de Chamberwale vum 20. Oktober 2013 trëtt d'Carole Dieschbourg de 4. Dezember 2013 als Ëmweltministesch an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt d'Carole Dieschbourg de 5. Dezember 2018 zur Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Op regionalem Niveau ass d'Carole Dieschbourg vun 2011 bis zu hirer Nominatioun als Ministesch Member vum Iechternacher Gemengerot.

Am Dezember 2015 koordinéiert d'Carole Dieschbourg ënner der Lëtzebuerger Presidence vum Conseil vun der Europäescher Unioun d'Positioun vun der EU op der Konferenz iwwer de Klimawiessel (COP21) zu Paräis.

## BERUFFSTÄTEGKEET

Am Kader vum Programm „Leader+ Müllerthal" ass d'Carole Dieschbourg vun 2005 bis 2006 Koordinatrice vun de Projeten „Moulins – inventaire, excursion et sentier régional" a „Millebuch".

2007 publizéiert si d'Buch *Die Mühlen des Müllerthals*.

D'Carole Dieschbourg war bis zu hirer Nominatioun als Ministesch, am Dezember 2013, an der Direktioun vun der Mille Moulin J.P. Dieschbourg täteg, e Familljebetrib zanter 1897.

# MARC HANSEN

- **MINISTER FIR D'FONCTION PUBLIQUE**
- **MINISTER FIR D'BEZÉIUNG ZUM PARLAMENT**
- **DELEGÉIERTE MINISTER FIR DIGITALISÉIERUNG**
- **DELEGÉIERTE MINISTER FIR D'VERWALTUNGSREFORM**




**Ministère fir d'Fonction publique**
63, avenue de la Liberté
L-1931 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-83100
Site: mfp.gouvernement.lu

**Staatsministère**
Zentrale Legislatiounsservice
43, boulevard Franklin D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82957
Fax: (+352) 46 74 58
Site: me.gouvernement.lu

**Ministère fir Digitaliséierung**
52, avenue de la gare
L-1610 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-72100
Site: digital.gouvernement.lu


De Marc Hansen ass den 10. Abréll 1971 an der Stad Lëtzebuerg gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

Säi Secondairesstudium mécht de Marc Hansen am Jongelycée an der Stad an am Stater Kolléisch vun 1983 bis 1991.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

Den 28. Mäerz 2014 gëtt de Marc Hansen zum Staatssekretär fir Erzéiung, Kanner a Jugend, Staatssekretär fir Héichschoul a Fuerschung an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt. Hien ersetzt den André Bauler no sengem Récktrëtt aus der Regierung wéinst gesondheetleche Problemer. De 27. Mäerz 2015 gëtt de Marc Hansen och zum Staatssekretär fir Wunnengsbau ernannt. Nom Récktrëtt vun der Ministesch Maggy Nagel aus der Regierung gëtt de Marc Hansen den 18. Dezember 2015 dann zum Wunnengsbauminister an delegéierte Minister fir Héichschoul a fir Fuerschung ernannt.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt de Marc Hansen de 5. Dezember 2018 zum Minister fir d'Fonction publique, Minister fir d'Bezéiung zum Parlament, delegéierte Minister fir Digitaliséierung an delegéierte Minister fir d'Verwaltungsreform an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

De Marc Hansen ass zanter 2008 Member vun der DP a vun 2004 bis 2014 Schäffen an der Gemeng Useldeng.

Vun 2011 bis 2014 ass hie Member vum interkommunale Syndikat De Réidener Kanton.

Op nationalem Niveau gëtt de Marc Hansen 2013 op der Lëscht vun der DP fir d'éischte Kéier an d'Chamber gewielt, als Deputéierte vum Bezierk Norden. An der Chamber ass hie vun 2013 bis 2014 President vun der Finanz- a Budgetskommissioun a Vizepresident vun der Kommissioun fir Aarbecht a Beschäftegung a fir sozial Sécherheet, bis zu senger Nominatioun als Minister.

···▸

## BERUFFSTÄTEGKEET

De Marc Hansen fänkt seng professionell Carrière beim DNR (Den Neie Radio) un.

Duerno schafft hie beim RTL Radio Lëtzebuerg a bei RTL Télé Lëtzebuerg vun 1995 bis 2009.

Vun 2009 bis 2011 ass hie Fraktiounsmataarbechter.

Vun 2011 bis 2014 ass de Marc Hansen Direkter an delegéierte Verwalter vun den Éditions Lëtzebuerger Journal.

Hien ass och Matgrënner vu verschiddenen innovative Start-Uppen am IT-Beräich.

# CLAUDE TURMES

- **MINISTER FIR ENERGIE**
- **MINISTER FIR LANDESPLANUNG**



De Claude Turmes ass de 26. November 1960 zu Dikrech gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

No sengem Secondairesstudium am Classique kritt de Claude Turmes 1983 eng Licence fir Sporterzéiung vun der Universitéit zu Louvain-la-Neuve. Parallel zu sengem Beruff studéiert hien Ëmwelttechnologien an der Fondation universitaire luxembourgeoise zu Arel, an absolvéiert säi Studium ouni Ofschlossaarbecht. Deemools mécht hien och vill Yoga-Ausbildungen.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

De Claude Turmes gëtt den 20. Juni 2018 zum Staatssekretär fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt, wou hien de Camille Gira ersetzt, deen de 16. Mee verstuerwen ass.

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 gëtt de Claude Turmes de 5. Dezember 2018 zum Minister fir Energie an zum Minister fir Landesplanung an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

De Claude Turmes ass Deputéierten am Europa-Parlament vu Juni 1999 bis Juni 2018. Hien ass Vizepresident vun der grénger Fraktioun am Europaparlament an ass Member vun der Kommissioun fir Ëmwelt, Gesondheet a Konsumenteschutz a Member vun der Kommissioun fir Industrie, Fuerschung an Energie. Hien ass Rapporter vu villen europäeschen Direktiven, ë.a. iwwert erneierbar Energien, Energieeffizienz, Stroummaart a Klima-Pläng, souwéi den europäesche Regëster vun de Lobbyen. Vun 2004 bis 2018 ass hie President vun Eufores (European Forum for Renewable Energy Sources), der interparlamentarescher Associatioun fir d'Promotioun vun den erneierbaren Energien an Europa.

## BERUFFSTÄTEGKEET

Tëschent 1983 an 1999 schafft de Claude Turmes als Sportsprofesser a verschidde Lycéeën zu Lëtzebuerg.

…▸

**Ministère fir Energie a Landesplanung**
Departement fir Energie
19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-84313
Fax: (+352) 247-84311
Site: mea.gouvernement.lu

**Ministère fir Energie a Landesplanung**
Departement fir Landesplanung
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-86960
Fax: (+352) 40 89 70
Site: mea.gouvernement.lu

## VERÄINSAKTIVITÉITEN

Éiert hien an d'Europaparlament gewielt gëtt, ass de Claude Turmes an Ëmweltorganisatiounen aktiv, fir d'éischt als Aktivist an dann als fräiwëlleg Féierungskraaft. Hien ass souwuel um europäeschen Niveau (Friends of the Earth Europe, Bureau européen de l'environnement) wéi um nationalen Niveau (Mouvement Écologique Lëtzebuerg) politesch engagéiert. Vun Enn vun den 80er bis 1999 ass hie Comitésmember a Vizepresident vum Mouvement Écologique, verantwortlech fir Themen an de Beräicher Energie, Klima an Europa. Hien ass ee vun de Grënnungsmembere vum Klimabündnis Lëtzebuerg.

# PAULETTE LENERT

- **MINISTESCH FIR ENTWÉCKLUNGSZESUMMENAARBECHT AN HUMANITÄR UGELEEËNHEETEN**
- **MINISTESCH FIR KONSUMENTESCHUTZ**




**Aussen- an Europaministère**
Direktioun fir Entwécklungs-zesummenaarbecht an humanitär Aktioun
6, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82351
Fax: (+352) 46 38 42
Site: cooperation.gouvernement.lu

**Ministère fir Konsumenteschutz**
6, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Site: mpc.gouvernement.lu


D'Paulette Lenert ass den 31. Mee 1968 zu Lëtzebuerg gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

No hirem Secondairesstudium am Stater Kolléisch studéiert d'Paulette Lenert op der Universitéit Aix-Marseille III, wou si 1991 hiren Diplom am privaten Droit kritt. No hirer Maîtrise mécht si e Master am europäesche Recht op der Universitéit London a kritt 1992 hiren Diplom. Bei hire beruffsbegleedende Formatioune setzt d'Paulette Lenert de Schwéierpunkt op europäescht Recht esou wéi op d'Ausbildung vun hire Kompetenzen an der ëffentlecher Verwaltung souwéi der Systemanalys.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 trëtt d'Paulette Lenert de 5. Dezember 2018 als Ministesch fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten an als Ministesch fir Konsumenteschutz an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

## BERUFFSTÄTEGKEET

D'Paulette Lenert huet hir beruflech Carrière 1992 als Affekotin um Barreau de Luxembourg ugefaangen. 1994 fänkt si als Attachée de justice beim Justizministère un. 1997 gëtt si als Éischt Riichterin um Verwaltungsgeriicht nominéiert a bis 2010 ass si och Vizepresidentin vum Verwaltungsgeriicht. Vun 2010 bis 2013 ass si Éischt Regierungsconseillère beim Delegéierte Minister fir solidaresch Ekonomie.

Dono iwwerhëlt d'Paulette Lenert d'Direktioun vun der Cellule de facilitation en matière d'urbanisme et environnement, déi 2013 nei geschafe gouf an dem Staatsministère ënnerläit. 2013, no der Ëmbildung vun de ministeriellen Departementer, trëtt si dem Ministère fir d'Fonction publique an d'Verwaltungsreform bäi a gëtt do 2014 Éischte Regierungsconseiller an iwwerhëlt déi allgemeng Koordinatioun. Am Januar 2017 gëtt si och als Chargé de direction vum Nationalen Institut fir ëffentlech Verwaltung nominéiert. Den Dag wou d'Paulette Lenert der Regierung bäigetrueden ass, huet si déi Funktiounen all opginn.

## VERÄINSAKTIVITÉITEN

Vun 2011 bis 2013 ass d'Paulette Lenert Member vum Verwaltungsrot vu ProActif a.s.b.l. Si war och Member vum Verwaltungsrot vun der Initiativ Rëm Schaffen a.s.b.l., eng Funktioun déi si opginn huet, wéi si der Regierung bäigetrueden ass.

# SAM TANSON

- **KULTURMINISTESCH**
- **WUNNENGSBAUMINISTESCH**

D'Sam Tanson ass de 4. Abrëll 1977 an der Stad Lëtzebuerg gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

No engem Secondairesstudium am Lycée Robert Schuman studéiert d'Sam Tanson op der Universitéit Paris I Panthéon-Sorbonne, wou si am Joer 2000 hir Maîtrise am Droit ofschléisst. Duerno studéiert d'Sam Tanson um Institut d'études politiques de Paris a schléisst dëse Studium am Joer 2002 of. Schliisslech mécht si nach e Master am Ëmweltrecht op der Université de Limoges am Joer 2008 an dëst als Fernstudium.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 trëtt d'Sam Tanson de 5. Dezember 2018 als Kulturministesch an als Wunnengsbauministesch an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

D'Sam Tanson ass säit 2005 Member vun déi gréng. Am Laf vun hirer politescher Carrière besetzt d'Sam Tanson verschidde Positiounen innerhalb vun der Partei. Si ass Spriecherin vun déi jonk gréng vun 2006 bis 2007, Spriecherin vun déi gréng vun 2009 bis 2010 a schliisslech Presidentin vun der Partei vun 2010 bis 2015.

Op Gemengenniveau gëtt d'Sam Tanson am Joer 2011 fir d'éischt Kéier an de Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg gewielt, dëst am Alter vu 34 Joer. Am Joer 2013 gëtt si éischt Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg, zoustänneg fir Finanzen a Mobilitéit, a bleift an dëser Funktioun bis 2017. Bei de Gemengewalen 2017 gëtt si als Gemengeréitin erëmgewielt. Vun 2015 bis 2018 ass d'Sam Tanson Member vum Staatsrot.

No der Demissioun vum Claude Adam als Deputéierten an der Chamber gëtt d'Sam Tanson am Abrëll 2018 fir d'éischt Kéier Deputéiert. An der Chamber ass si Presidentin vun der Commission juridique. Bei de Chamberwalen 2018 gëtt d'Sam Tanson erëmgewielt.

…▸



**Kulturministère**
4, boulevard Franklin D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-86600
Fax: (+352) 29 21 86
Site: mc.gouvernement.lu

**Wunnengsbauministère**
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-84819
Fax: (+352) 247-84840
Site: mlog.gouvernement.lu

## BERUFFSTÄTEGKEET

Vun 2002 bis 2004 ass d’Sam Tanson Journalistin bei RTL Radio Lëtzebuerg.

Vun 2005 bis zu hirem Antrëtt an d’Regierung ass d’Sam Tanson als Affekotin um Barreau de Luxembourg agedroen.

# TAINA BOFFERDING

- **INNEMINISTESCH**
- **MINISTESCH FIR GLÄICHSTELLUNG TËSCHENT FRAEN A MÄNNER**

D'Taina Bofferding ass den 22. November 1982 zu Esch-Uelzecht gebuer.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

No hirem Secondairesstudium am Lycée classique Hubert Clément zu Esch-Uelzecht krut d'Taina Bofferding 2005 hiren Diplom als Educatrice um Institut d'études éducatives et sociales. Dono huet si Sozialwëssenschaften op der Universitéit Tréier studéiert an hire Studium 2011 mat engem Diplom ofgeschloss.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 trëtt d'Taina Bofferding de 5. Dezember 2018 als Inneministesch an als Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Säit 2004 ass d'Taina Bofferding Member bei der LSAP a bei de Chamberwalen 2013 gouf si déi éischte Kéier an d'Chamber gewielt. An der Chamber ass si Member vu verschiddene Kommissiounen, dorënner d'Kommissioun fir d'Revisioun vun der Constitutioun, d'Kommissioun fir Kultur, d'Kommissioun fir Héichschoul, Fuerschung, Medien, Kommunikatioun an de Weltraum, d'Kommissioun fir Famill an Integratioun, d'Kommissioun fir Wunnengsbau, esou wéi d'Kommissioun fir Aarbecht, Beschäftegung a sozial Sécherheet.

Op Gemengenniveau ass d'Taina Bofferding vun 2011 bis 2018 Conseillière am Gemengerot vun Esch-Uelzecht a säit Mäerz 2018 och Presidentin vun der Escher LSAP-Sektioun.




**Inneministère**
19, rue Beaumont
L-1219 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-84600
Fax: (+352) 22 11 25
Site: mint.gouvernement.lu

**Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer**
6a, boulevard Franklin D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-85814
Fax: (+352) 24 18 86
Site: mega.gouvernement.lu

# LEX DELLES

- **MINISTER FIR MËTTELSTAND**
- **MINISTER FIR TOURISMUS**

De Lex Delles ass den 28. November 1984 gebuer a staamt vu Munneref.

## STUDIUM AN AUSBILDUNG

Nom Ofschloss vu sengem Secondairesstudium 2003 besicht de Lex Delles d'Universitéit Lëtzebuerg fir do Droit ze studéieren, bevir hien awer säin Ofschloss an der Pedagogik op der HERS (Haute École Robert Schuman) zu Virton (Belsch) mécht.

## REGIERUNGSFUNKTIOUNEN

No de Chamberwale vum 14. Oktober 2018 trëtt de Lex Delles de 5. Dezember 2018 als Minister fir Mëttelstand an als Minister fir Tourismus an d'Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng an.

## ANER POLITESCH FUNKTIOUNEN

Getrei sengem Motto, „Näischt ass méi einfach wéi ze kritiséieren, besser awer et mécht een eppes", engagéiert de Lex Delles sech säit 2010 bei de Jonken Demokraten (JDL). Hie relancéiert d'Sektioun vun der JDL zu Munneref an d'Jonk Demokraten am Walbezierk Osten, déi hien och bis 2013 presidéiert. Zanter November 2015 ass de Lex Delles Vizepresident vun der DP.

2011 trëtt de Lex Delles fir d'éischte Kéier bei de Gemengewalen un a gëtt och direkt zum Schäffe vu Munneref gewielt. Am Januar 2014 gëtt de Lex Delles zum Buergermeeschter vu sengem Gebuertsuert ernannt.

Bei de Chamberwalen 2013 gëtt de Lex Delles an d'Chamber gewielt a gëtt 2014, am Alter vu 29 Joer, dee jéngsten Député-maire am Land. Bei de Gemengewalen 2017 kann hie säi Mandat als Buergermeeschter verdeedegen an hie besetzt dat Mandat bis zum Moment vu sengem Antrëtt an d'Regierung.

An der Chamber presidéiert de Lex Delles vun 2013 bis 2018 d'Kommissioun fir Educatioun, Kanner a Jugend. Weider ass hie Member vun der Kommissioun fir d'Fonction publique an d'Verwaltungsreform, vun der Kommissioun fir Landwirtschaft, Wäibau, ländlech Entwécklung a Konsumenteschutz, souwéi vun der Kommissioun fir Kultur.

···▸



**Wirtschaftsministère**
Generaldirektioun fir Mëttelstand
19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-74703
Fax: (+352) 247-74701
Site: meco.gouvernement.lu

**Wirtschaftsministère**
Generaldirektioun fir Tourismus
19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-84781
Fax: (+352) 47 40 11
Site: meco.gouvernement.lu

De Lex Delles ass och Ersatzmember vun der Lëtzebuerger Delegatioun beim Interparlamentaresche Rot vum Benelux vun 2015 bis 2018.

## BERUFFSTÄTEGKEET

No senge Studie schafft de Lex Delles als Schoulmeeschter an der Grondschoul zu Lenneng.

**EDITEUR**
Service information et presse
du gouvernement luxembourgeois
Département édition
33, boulevard Franklin D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82181
E-Mail: edition@sip.etat.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**COPYRIGHT**
© SIP/Emmanuel Claude (offiziell Foto vun der Regierung)
© SIP/Yves Kortum (offiziell Porträt'en)

**LAYOUT**
Bizart

Mee 2019

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse